Aus eisem Wahlprogramm

Nei Entreprisen

Eis Gemeng Bartreng huet wéinst enger gënschteger Lag gefëllte Gemengekeesen, wouduerch vill Bau-Projeten an der Vergaangenheet realiséiert konnte ginn.

Mee wéi geet et elo virun? D'Realisatioun vu Projeten an der Gemeng muss am mëttel- a laangfristegem Interêt vum Bierger an vum Erhalt vun der Liewensqualitéit gemaach ginn. Bartreng brauch deweenst nei Iddien an eng Politik, déi méi wäit an d'Zukunft denkt.

D'CSV Bartreng denkt ëm an huet en innovativ Konzept ausgeschafft, fir jonk a kreativ Iddie vu Start-up-Entreprisen ze förderen. Start-up-Entreprisë si Gesellschaftsgrënner, déi sech duerch eng schlau Iddi auszeechnen. D'CSV gesäit vir, an der Gemeng Bartreng duerch e vergënschtegte Wunnraum a Service-Leeschtungen (Consulting) e perfekten Environnement ze schafen, fir datt jonk Entreprise hei erfollegräich starte kënnen.

Wat kascht eis dat?

D'Käschte si fir esou Entreprisen liicht ze schëlleren. E Vergläich: D‘Käschte vun dem alen/neie Skaterpark kënnte verschidde Start-up-Entreprisen während e puer Joer eng Chance ginn, eng Perspektiv fir d'Zukunft ze schafen.

Firwat dat Ganzt?

D‘lëtzebuergesch Wirtschaft ass staark konzentréiert op de Banken- an Fonge-Secteur. Aus den Zäiten vun der Stolkris missten mir geléiert hunn, datt eng eesäiteg Ausriichtung grouss Risike mat sech bréngt. Dofir gëtt souwuel vun der Regierung wéi och vun der CSV eng Diversifikatioun gefuerdert an gefërdert. Doriwwer eraus kreéiert d'Fërderung vun Start-up eng Alternativ an interessant Méiglechkeet, fir nei Beschäftegunge fir eenzel Patronen an hir Mataarbechter, déi sech realiséiere wëllen.

Duerch d'Gréiss, d'Lag an d'finanziell Situatioun ass d'Gemeng Bartreng an enger gudder Positioun, fir um nationalen Plang hire Bäitrag ze liwweren.

CSV Bartreng huet op d‘Erausfuerderung vun der Diversifikatioun eng kreativ Äntwert!

Nouvelles entreprises

Dû à sa situation financière favorable la commune de Bertrange a vécu dans le passé et vit encore aujourd’hui une phase bien remplie de constructions communaux.

Mais maintenant, où allons nous ? La réalisation de projets communaux doit être poursuivie dans l’intérêt des citoyens pour maintenir la qualité de vie. En outre, Bertrange a besoin d'une politique durable et orientée vers le futur.

Le CSV a développé dans le cadre de son programme des concepts créatifs pour promouvoir la création de nouveaux entreprises dénommées startups. Des startups sont des firmes qui se distinguent par des idées entrepreneuriales nouvelles et uniques (comme dans le secteur TI p.ex.). Le CSV prévoit de créer un environnement fructueux qui offre aux jeunes entreprises des localités et services aux tarifs réduits afin de leur permettre de grandir et de générer une plus-value au marché luxembourgeois.

Dû à sa taille, sa situation géographique et sa situation financière Bertrange est manifestement une localité idéale pour construire un domicile pour des startups.

Le CSV Bertrange leur offrira de bonnes conditions et les accompagnera !